

Här Claude WISELER
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weider ze leeden.

D'Kënschtlech Intelligenz ass ouni Zweiwel eng vun de groussen technologesche Revolutiounen vun eiser Zäit. Gläichzäiteg geet hir Entwécklung awer mat engem ëmmer méi héije Verbrauch u Ressourcen an Energie auserneen. Besonnesch grouss KI-Modeller an Datenzentren erfuerderen immens Quantitéiten u Stroum fir Rechekraaft a Killungssystemer, mee och bedeitend Quantitéiten u Waasser. Schätzunge weisen, datt de weltwäite Waasserverbrauch duerch KI bis 2027 op bis zu 6 Billiounen Liter kéint klammen, wat ronn der Hallschent vum Joresverbrauch vu Groussbritannien entsprécht. Och den Energieverbrauch vu KI-Infrastrukturen wiest rapid a stellt nei Erausforderungen fir d'Klima- an Energiepolitik duer.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung de weltwäite Ressourcëverbrauch vu kënschtlecher Intelligenz, besonnesch am Beräich vum Waasser- an Energieverbrauch vun Datenzentren a KI-Infrastrukturen?
- Ass der Regierung bekannt, wéi grouss den aktuellen an zukünftege Waasser- a Stroumverbrauch duerch KI-Infrastrukturen a Serverfarmen ka ginn, a wéi eng Ofhängegkeeten sech doduerch fir Europa erginn?
- Wéi eng Konsequenzen gesäit d'Regierung duerch de wuessenden Energiebedarf vu KI-Systemer fir d'Erreeche vun de Klima- an Energietransitionsziler zu Lëtzebuerg an an der EU?
- Wéi eng Mesurë ginn et oder si geplangt, fir d'Energie- a Ressourceneffizienz vu Rechenzentren a KI-Systemer ze verbesseren, notament duerch méi nohalteg Infrastruktur, erneierbar Energien a modern Killungstechnologien?
- Wéi wëllt Lëtzebuerg seng Ambitiounen als digitalen a KI-Standuert mat de Klima-, Energie- an Nohaltegkeetsziler vereenen?
- Ass virgesinn, bei zukünftege KI-Strategien systematesch d'Impakter op d'Ëmwelt, d'Energieversuergung, d'Gesellschaft an d'Ressourcen als integralen Deel matanzebezéien?

- Wéi wëllt d'Regierung sécherstellen, datt technologesche Fortschrëtt am Beräich vun der KI ëmmer am Gläichgewicht mat ekologescher Verantwortung, Ressourcenschutz an enger nohalteger Energiepolitik steet?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Paul Galle', written in a cursive style.

Paul GALLES
Deputéierten